

Question parlementaire n°4823

Salaires non-payés chez les prestataires externes de Restopolis

Déposée par Goergen Marc

Date limite de réponse : 2026-10-29

Déclarée recevable le 2026-09-29

Bei Restopolis ass ee gudden Deel vun de Leit, déi schaffen, net direkt agestellt, mee iwwert Privatfirmen. Dës extern Mataarbechter suergen dofri, dass de Betrieb leeft.

Ech krut d'Informatioun, datt Mataarbechter aus verschiddene vun dësen externe Betriber während de Summerméint zäitweis iwwer méi Méint kee Salaire ausbezueelt kruten.

Froen:

1. Hu Restopolis an de Ministère Kenntnis iwwer Fäll, bei deenen d'Personal vun dësen externe Betriber kee Salaire ausbezueelt krut?
2. Falls jo, gëtt dat esou akzeptéiert oder huet Restopolis sech hei agesat, fir dass d'Leit hire Salaire kréien?
3. Wéi eng Konsequenzen huet et fir en externe Betrib, wann dësen de Mataarbechter, déi bei Restopolis agesat ginn, hire Salaire net ausbezillt an dierf esou e Betrib weiderhi fir Restopolis schaffen?



Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 4823 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen

1. Hu Restopolis an de Ministère Kenntnis iwwer Fäll, bei deenen d'Personal vun dësen externe Betriber kee Salaire ausbezueelt krut?

Nee, Restopolis huet keng Kenntnis vu konkrete Fäll, bei deenen d'Personal vun den externe Betriber, déi bei Restopolis agesat ginn, hire Salaire net ausbezueelt krut.

2. Falls jo, gëtt dat esou akzeptéiert oder huet Restopolis sech hei agesat, fir dass d'Leit hire Salaire kréien?

Well Restopolis keng Kenntnis vun esou Fäll hat, konnt och keng spezifesch Interventioun an deem Sënn gemaach ginn.

3. Wéi eng Konsequenzen huet et fir en externe Betrib, wann dësen de Mataarbechter, déi bei Restopolis agesat ginn, hire Salaire net ausbezillt, a kann esou e Betrib weiderhin fir Restopolis schaffen?

D'Gestioun vum Personal, dat vum externe Betrib agesat gëtt, inklusiv d'Ausbezuele vun de Gehälter an d'Respektéiere vum lëtzebuergeschen Aarbechtsrecht, fält an d'Responsabilitéit vum jeeweilege Contractant. De Contractant ass verpflichtet, seng kontraktuell a gesetzlech Obligatiounen, notament d'Respektéiere vum lëtzebuergeschen Aarbechtsrecht, ze erfëllen.

Sollt festgestallt ginn, datt e Contractant seng gesetzlech oder kontraktuell Obligatiounen net respektéiert, kann dëst, jee no Natur a Gravitéit vum Verstouss, Konsequenze fir d'Ausféierung vum Kontrakt hunn. D'Vertragsbedingunge gesi bei Verstéiss géint déi kontraktuell Obligatiounen Sanktiounen vir. Bei schwéiere Verstéiss sinn, ënner deenen am Kontrakt virgesinne Konditiounen, och weider Moosname bis hin zur Kënnegung vum Kontrakt méiglech.

Ob e Contractant weiderhin fir Restopolis schaffe kann, hänkt deemno vun de konkrete Feststellungen, de Bestëmmunge vum jeeweilege Kontrakt an den applicabele gesetzleche Bestëmmungen of.

Lëtzebuerg, de 26. Oktober 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH